LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 OCT. 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 82exadb5a

Luxembourg, le 24 octobre 2019

**Concerne :** Question parlementaire n° 1241 du 24 septembre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'acquisition de terrains et parcelles forestières par l'Etat

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003-20040525-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, op d'parlamentaresch Ufro N°1241 vum 24. September 2019 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen betreffend staatlech Acquisitiounen vun Terrainen an Bëschparzellen**

---

1. Wéi vill Hektar huet de Lëtzebuerger Staat an de leschten 10 Joer selwer kaaft, ausgeholl déi Parzellen, déi fir een Neibau vu Stroossen oder ëffentlech Gebaier gebraucht ginn? Wéi deelt dat sech op déi eenzel Regiounen op?

De Lëtzebuerger Statt huet iwwer déi uewe genannte Period insgesamt 1.193,26 Hektar Land kaaft, wouvun 874,29 Hektar Bësch an 318,98 Hektar sougenannten Oppeland Fläche waren. Opgeschlësselt op déi bestoend Delimitatioune vun de Wahlbezierker leien insgesamt 75% vun dëse Flächen am Bezierk Norden, 12% am Osten, 8% am Westen a 5 % am Süden.

Nieft de konkrete Besoinen un Terrain fir spezifesch ëffentlech Infrastrukturprojeten, keeft de Staat Lännereien op Basis vu folgende Critèren:

**Anzuchsgebitt vum Stauséi op der Uewersauer**: de Staat ass zënter Joerzéngten engagéiert fir majoritär Proprietär vu gréisstendeels Bëschfläche ronderëm de Stauséi ze ginn, wëssend dat méi wéi 70% vum Lëtzebuerger Drénkwaasser aus dësem Reservoir gewonne gëtt. Eng naturno, an op Buedemschutz a Reduktioun vu geféierleche Substanzen an d'Waasser ausgeriicht Bëschgestioun vun der Natur- a Bëschverwaltung, soll et erlaben d'Drénkwaasser vum Stauséi och an Zukunft dauerhaft a nohalteg ze notzen.

**Arrondissement vu bestoende Staatsbëscher**: de Staat ass am Moment Proprietär vu ronn 12.000 Hektar Bësch, den zu engem groussen Deel morcelléiert ass an innerhalb vu privaten a kommunale Proprietéite läit. Do wou et sech ubitt dës Flächen ze arrondéieren oder duerch zousätzlech, forstwitschaftlech oder naturschutzfachlech intressanten Terrainen ze erweideren, keeft de Staat zousätzlech Bëschflächen.

**Ëmsetzung vum nationalen Naturschutzplang**: De nationalen Naturschutzplang (*plan national concernant la protection de la nature*), ass e strategescht Dokument dat, fir successiv Periode vu fënnef Joer, déi wichtegst Zieler a Mesuren am Beräich vum Naturschutz iwwer eng Regierungserklärung festleet.

D'Mesure 9 vum Plang vun 2017, seet dat de Staat, souwéi d'Gemengen a Fondatioune vun ëffentlechem Interessi solle prioritär Fläche kafen déi:

- a Naturschutzgebidder leien,
- geschützt Biotopen opweisen,
- den Liewensraum vu geschützten Aarte sinn, oder
- allgemeng wichteg sinn, fir den Ziler vum PNPN gerecht ze ginn.

Ee vun den Ziler déi sech hei gesat gi sinn, ass et fir insgesamt 50% vun der Surface vun alle Naturschutzgebidder ze kafen a souguer 100% vu der Surface vun de Kärgebidder vun dësen Zonen.

**Kompensatioun:**

No der Publikatioun vum Naturschutzgesetz vun 2018, ass d'Natur- a Bëschverwaltung (ANF) de Gestionnaire vun dem sougenannte *Kompensatiounsflächepool*. D'ANF ass also zukünfteg responsabel fir d'Ëmsetze vun engem groussen Deel vun de Kompensatiounsmesuren hei am Land. Fir des Mesure kënnen ëmzesetzen, muss de Staat Terraine kafen an dat verdeelt iwwer de Gesamtterritoire vum Land. Am PNPN steet dat d'ANF dofir déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt kritt. D'Terrainen déi an dësem Kader kaaft ginn, kënnen an dräi grouss Kategorien agedeelt ginn:

- Terrainen déi als Reserve foncière solle gëllen, fir am Kader vum Opbau vu konkrete Kompensatiounsprojete kenne getosch ze ginn,
- gréisser zesummenhänkend Terrainen déi *per se* fir kohärent Kompensatiounsprojete kënne mobiliséiert ginn,
- eenzel Parzellen déi u bestoend Projeten ugrenzen an doduerch kënnen erweideren oder arrondéieren.

Iert d'Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 a Kraaft getrueden ass si fir Kompensatiounszwecker 364,20 Hektar vum Staat kaaft ginn, fir sech op de System virzebereeden, esou wéi dat vun der Regierung décidéiert gouf. Zanterhiersinn nach 80,92 Hektardobai komm. Am ganze sinn deemno am Moment 445,12 Hektar kaaft gi fir de nationale Flächepool vun der Kompensatioun.

2. Wéi vill Hektar goufe vun dëse Parzelle kompenséiert a wéi gesinn dës Kompensatiounsmesure konkret aus ?

Am Kader vun der Ëmsetzung vum nationale Flächepool huet d'ANF bis dato op 115,68 Hektar konkret Moossname vun ökologescher Opwäertung a Restauréierung ëmgesat. Des Mesure verdeelen sech op insgesamt siwe Projeten. De Rescht vun dësen Terrainen gëtt iwwer déi kommend Joren konsequent mat an de Flächepool iwwerholl, respektiv getosch fir un anere intressant Flächen fir d'Kompensatioun ze kommen. Och ass virgesi fir an eenzel Fäll Staatsfläche mat an e Remembrement ze ginn, fir gréisser Kompensatiounsflächen zesummen ze kréien.

Konkret ginn a sou Kompensatiounsprojete folgend Type vu Moossnamen ëmgesat:

- Restauratioun an ökologesch Obwäertung vu Gréngland: Hei ginn aartenarm Fettwisen iwwer verschidden Agrëffer (Mahdgutübertragung, oder Ausbrénge vu Som Mëschungen) erëm mat typesche Wisenaarten ugeräichert. Hei gi verschidde geschützte Wisentippe restauréiert wéi zum Beispill Dréchewisen, Sandmagerrasen oder blummeräich Méiwisen.
- Ëmwandele vun Aker an extensiv Wisen a Weeden
- Strukturéierungen an Uleeën vu Mikrohabitater: heiranner versteet een allgemeng d'Planze vun Hecken, Beem, Bamreien, Feldgehölzer, Agroforstprojeten, Bongerten oder Alleeën, souwéi, d'Installéiere vun Steng- an Holzkéip als Habitater fir spezialiséiert Déierenaarten.
- Renaturéieren vun Baachen: Duerch d'Hiewe vum Baachbett an de Reméandréierung vun déif geluechten a riicht gezunne Baachen kann den ökologesche Wäert an d'Strukturvielfalt vu Baache konsequent verbessert ginn, dëst am Aklang mat den Ziler vum Waassergesetz an der Waasserdirektiv.

- Extensivéierung vun Akerflächen fir den Erhalt vun typesche Planzen am Aker oder d'Schafe vu Blühsträife fir natierlech Bestäuber, wéi Wëllbeien ze fuerderen.
- Uleeën vu sougenannte Lärchenfenster fir den Erhalt vu Feldléierecher.
- Restauréierungen an Neesopbau vun Dréchemaueren
- Uleeën vun Dëmpelen a Weieren
- Reforestatioun, also d'Uplanze vu neie Bëscher

3. De Lëtzebuerger Staat bedeelegt sech och finanziell beim Kaf vu Land oder Bëscher bei der natur&ëmwelt-Fondatioun Hëllef fir d'Natur. Wéi vill Hektar goufen hei finanziell ënnerstëtzt?

   Vun 2010 bis 2019 gouf de Kaf vu 502,0926 Hektar ënnerstëtzt op Basis vun enger Konventioun tëscht der Stëftung an dem Ëmweltministère.

4. Zanter dem Akraafttriede vum Naturschutzgesetz am Joer 2018: Wéi vill Hektar goufe fir dësen Zweck bis elo kaaft a wéi deelt dëst sech no Regiounen op?

   D'Naturschutzgesetz vun 2018 gesäit am Artikel 49 vir, dat de Staat, d'Gemengen an d'Gemengesyndikater e Virkafsrecht op Terrainen hunn déi an ausgewisenen Naturschutzgebidder leien. Bis dato huet de Staat dräi mol vun dësem Recht Gebrauch gemaach an huet sou 1,66 Hektar a Naturschutzgebidder an de Gemenge Bettenduerf, Déifferdeng a Gréiwemaacher konnte kafen.

5. Wéi huet sech den Hektar-Präis vum Land a vum Bësch an deene leschten 10 Joer entwéckelt?

   2010 huet de Staat fir Landflächen tëschent 15.000.-/ha bis max. 20.000.-/ha bezuelt. Am Laf vun de Joren huet de Staat säi Präis awer missen upassen op 25.000.-/ha an op 35000.-/ha. Fir Terrainen déi de Staat haut fir Kompensatiounsmesure wëll kafen, offréiert hien e Präis bis maximal 50.000.-/ha.
   Wat d'Präisser vun de Bëschparzellen ugeet, muss een notéieren dass déi sech, engersäits aus dem Terrain an anerersäits aus deem wat dropsteet zesummesetzen. Wann de Staat 2010 fir den Terrain nach 2.500.-/ha bezuelt huet, leien seng Offeren haut bei 6.000.-/ha.. Fir d'Holz wat um Terrain steet bezilt de Staat haut an der Moyenne tëscht 22.000.-/ha an 23.000.-/ha, wat +/- 50% méi héich ass wéi nach 2010.